N°327
Entrée le 13.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.02.2024
Chambre des Députés

Lëtzebuerg, den 13. Februar 2024

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

„Tëscht der Cloche d'Or an der Kockelscheier ass eng Vëlospiste geplangt, déi soll laanscht de CR186 goen. Et handelt sech ëm e Projet, dee vun der Gemeng Réiser 2020 initiéiert gouf. An der rezenter Press erkläert de Buergermeeschter vu Réiser, Tom Jungen, dass hien e Bréif vum Ëmweltministère krut, deen den Notze vum Foussgänger- a Vëloswee afro stellt. D'Gemeng Réiser wier vum Ëmweltministère opgefuerdert ginn sech z'iwwerleeën op en zousätzleche Vëloswee laanscht de CR186 wierklech noutwenneg wier. De Ministère hätt och geschriwwen, dass an de Bëscher ronderëm schonn zuelräich Weer bestoe géingen. Ausserdeem geet riets dovunner, dass d'Gemeng misst als Ausgläich fir d'Bëschfläch déi muss ofgeholzt ginn, kompenséieren.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit follgend Froe stellen:

1. Ass de Minister der Meenung, dass en zousätzleche Vëloswee laanscht de CR186 noutwendeg a sënnvoll ass?

2. Sinn am Ëmkrees vun der geplangter Vëlospiste d'Foussgänger- a Vëlospisten an de Bëscher an engem ugemoossenen Zoustand net nëmme fir d'Vëlosfueren an der Fräizäit mee och fir d'Vëlosfuere fir déi Velosfuerer déi op d'Aarbecht fueren?

3. Huet d'Gemeng Réiser an hirem Projet net genügend Kompenséierungsmoossname proposéiert? Wann d'Äntwert Nee ass, wéi eng Moossname feelen nach?"

Mat déiwem Respekt,

Gusty GRAAS
Deputéierten